Section de Compétition

September
08

1. Durchgang der WM

Fotoen vum Fernand op dësem Link

https://photos.app.goo.gl/C8RbaPirAYKPy4K2A

Gudden Owend,

Platz 17, dat ass d' Resultat vun eiser Équipe vun haut. D' Moral ass natierlech um Déifpunkt ukomm. Wat ass de Feeler. Fir déi aner an der Équipe kann ech net schwätzen. Ech alleng hunn 6 Katzefësch am Kraut ob 20 Meter verluer. Mat der Match Staang wor an sech haut wou Fëscherei ze maachen war. En Bonusfësch wär et och gewiescht, mee och do hunn ech mäin Mulet verluer. Also mäin Resultat 17 Punkten.

Wat ass ze maachen, mir wäerten muer nach eng Kéier attackéieren an hoffen dass mer déi eng oder aner Platz no fir kommen.

Eng definitiv Analys maachen mer doheem, mir mussen munches änneren. Ech weess genee dass déi Fëscher déi mat woren an och déi wou doheem sinn et drop hunn fir besser Resultater of ze liwweren. Mee dann mengen ech mussen mer eis fir Zukunft mol zesummen setzen an eis mol froen un wat et läit. Déi ganz Energie déi wou Leit an der Woch ofbréngen kascht vill Nerven. Egal mir wäerten eis muer nach eng Kéier drun rappen an ech hoffen dass ech muer den Owend Iech doheem een méi positiven Bericht kann ofleeën.

Resultaat: Marc 9; Bill 12; Fern 17; Pit 21; Alain 21

Muer sinn Fëscher folgendermoossen verdeelt:

A Secteur Pit; B Secteur Alain; C Secteur Luc; D Secteur Bill; E Secteur Marc

Ech selwer trieden muer d' Reserve un. Keng Froen stellen. Mir hunn keen Kaméidi hei an Portugal. Ech hunn dat vun mir aus décidéiert.